ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. September 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Infrastrukturminister weiderzeleeden:

Eng Kräizung op der N12 an zwar vun der N12 op d'N20 (op der Féitsch) an eng Kräizung op der N18, an zwar vun der N 18 op CR373a resp. CR 332 (bei Lentzweiler) hu sech mat den Joeren zu geféierlechen Verkéierskniet entwéckelt. Op dëse Kräizungen koum et schonns dacks zu ganz schwéieren Akzidenter an op enger esouguer méi dacks mat déidlechem Ausgang.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1.) Wier et net sënnvoll, dës zwou Kräizungen als Kreessverkéier ze amenagéieren?

2.) Besti schonns Pläng an dës Richtung an, de Fall gesat, vir wéini wier mat esou Aarbechten ze rechnen?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten